LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 23 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Alff Christian , 09:25, 23/02/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 3539 du 29 janvier 2021 de l'honorable député Monsieur Max Hahn, concernant le téléphone au volant, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vun den Häre François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro N°3539 vum 29. Januar 2021 vum honorablen Deputéierte Max HAHN iwwert den Handy um Steier**

A senger parlamentarescher Fro stellt sech den éierbaren Deputéierten eng Rei Froen iwwert den Handy um Steier.

Generell ass zu den Zuelen iwwert d'Accidenter déi duerch den Handy um Steier ausgeléist gi fest ze halen, datt et den Autoritéiten oft net mat leschter Gewëssheet méiglech ass fest ze stellen, ob den Handy den Ausléiser vun engem Accident war oder net, well sech oft keng Beweiser dofir fannen.

Wat elo d'Zuelen ugeet, wou noweislech den Handy den Ausléiser vum Accident war, esou sinn dës folgender Moossen: vun 2015-2019 gouf et bei 55 Accidenter vun am ganze 4814 Accidenter eng Oflenkung duerch den Handy (2015: 9 / 2016: 3 / 2017: 13 / 2018: 12 / 2019: 18).

Fir d'Joer 2020 si bis elo 8 Accidenter op d'Benotze vum Handy um Steier an 19 mol aner elektronesch Geräter Schold un engem Accident. Vu datt nach net all Donnéeë vun 2020 disponibel sinn, sinn dat awer nëmmen déi virleefeg Zuelen.

Kuckt een och nach d'Zuele vun deenen aneren Accidenter vun 2015-2019, esou kann e feststellen, datt hei bei 81 Accidenter Oflenkungen duerch déi aner (fix) installéiert Apparater wéi Navi, Radio, asw. virlouchen. Domadder sinn dës méi oft de Grond vun Accidenter wéi den Handy.

Wat d'Infraktiounen uget, esou weisst folgenden Tableau all d'Infraktiounen, déi d'Police an de Joren 2016 bis 2020 am ëffentleche Stroosseverkéier am Zesummenhang mam onerlaabte Benotze vum Smartphone / Handy resp. vun engem Apparat mat aktivem Ecran, dee keng Fuerhëllef oder Navigatiounshëllef ass (Art. A 170*bis* 01-06 aus dem Code de la Route), konstatéiert huet.

| 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|
| 3105 | 3108 | 3519 | 3476 | 2955 |

Déi relativ Baisse vun den Infraktiounen am Joer 2020 par Rapport zu de Jore virdrun léisst sech duerch déi speziell COVID-Situatioun (état de crise / confinement / asw.) erklären.

Generell muss e konstateieren, datt et ëmmer méi Zorte vun Oflenkungen am Stroosseverkéier gëtt: sech deplacéieren an dobäi iwwert Kopfhörer Musek lauschteren, iwwert dem Fueren iessen oder drénken, elektronesch Apparater bedéngen, fëmmen, asw. An der Tëschenzäit ass d'Oflenkung am Stroosseverkéier eng vun den heefegsten Ursaach fir Accidenter.

Wat d'Benotze vum Smartphone iwwert dem Fuere betrëfft, do ginn et verschidden Etüden, déi besoen datt den Accidentsrisiko ëm de Facteur 3 erhéicht gëtt. Beim Schreiwen oder Liese vu Messagen souguer ëm de Facteur 23. Déi selwecht Etüden stellen hei d'Suite vum Benotze vum Smartphone iwwert dem Fueren dem Alkohol- oder Drogekonsum gläich.

Aus deene Grënn organiséiert d'Police duerfir och reegelméisseg spezifesch preventiv a repressiv Campagnen am Kontext vun der Oflenkung am Stroosseverkéier.

Verschidde Länner si grad am Gaang automatiséiert Radaren ze testen, déi d'Benotze vun engem Handy an engem Gefier, an dëst ouni Fräispriechfunktioun, detektéieren. Am Moment ass et awer net

geplangt fir d'Benotze vum Handy mat automatesche Radaren ze kontrolléieren. Dofir gëtt et am Moment och keng legal Basis, esou datt déi aktuell Modeller dofir net benotzt kënne ginn.

Den Asaz vun Drone fir d'Benotzen vum Handy um Steier esou wie och aner Infraktiounen ze kontrolléieren ass hei zu Lëtzebuerg net geplangt.